INSTITUT DE FORMATION
DE L'ÉDUCATION NATIONALE

IFEN *inspire* Podcast

# S3 EP 06: wousst der schonn (LU)

eduPôle – Walferdange
Route de Diekirch
L-7220 Walferdange
**www.ifen.lu**

# Wousst der schonn…? Neie Léierplang Beweegung a Gesondheet

*Dëst Transkript gouf automatesch mat Hëllef vu künstlecher Intelligenz erstallt an ka Feeler enthalen.*

Wousst Dir schonn, datt ab September en neie Léierplang am Cycle 1 an am Cycle 2 an der Grondschoul a Kraaft trëtt? Am Beräich Beweegung a Gesondheet gesäit en déi folgend sechs Kompetenzberäicher vir:

Éischtens — Activité motrice de base: d'Entwécklung vun de motoresche Basiskompetenzen: sech beweegen, eppes beweegen a sech mat eppes fortbeweegen.

Zweetens — Activités motrices de base (am Waasser): vun der Waassergewinnung an der Waasserbewältegung bis zum Schwammeléieren.

Drëttens — Activités de coopération, de compétition et de confrontation: d'Deelhuele u kooperativen a konfrontative Spiller, am Respekt vun de Reegelen a vun de Mat- a Géigespiller.

Véiertens — Activités de création et d'expression corporelle: sech op Musik beweegen, Beweegungsfollge nomaachen an Expressioun duerch Beweegung.

Fënneftens — Perception de soi: säi Kierper an der Beweegung wouerzehuelen, seng Stäerkten a Limitte kennenzeléieren, fir déi richteg Entscheedungen ze treffen.

Sechstens — Mode de vie sain et bien-être: e ganz neie Beräich, an deem d'Erkenne vu Beweegungsgeleeënheeten am Setting Schoul am Virdergrond steet, fir e positiven Impakt op dat physescht, mentaalt a soziaalt Wuelbefannen ze entwéckelen.

Den IFEN bitt ab der Rentrée am September eng Rei Formatiounen zur Ëmsetzung vun dëse Kompetenzberäicher un — am Format vum Réseau d'échange guidé, wou den Austausch an d'Reflexioun vun de Participanten am Fokus stinn. Behaalt dofir de Katalog vum IFEN am A, fir Iech anzeschreiwen.